Léif Vertrieder vun der Plattform Votum Klima,

D'Joer 2017 kënnt op een Enn, a mir wollten dës Geleeënheet notze fir Iech fir Är Bäitrag an Äert Engagement Merci ze soen. Dir ënnerstëtzt domat ons Initiativë fir eng méi inklusiv Gesellschaft an eng méi nohalteg Zukunft.

Ee Sujet, deen eis ganz besonnescht um Häerz läit, ass dee vun der sozialer Verantwortung vun den Investissementer vun eise staatleche Fongen. Dat ass ee Sujet iwwert dee mir zesumme scho vill Echangen haten a mir wollten Iech elo och erkläre wat schonn alles an deem Beräich gemaach gouf, an am Gaang ass gemaach ze ginn.

Oft gëtt behaapt, datt dem Pensiounsfong seng Investitiounspolitik net nohalteg genuch wier. Dobäi huet d'Direktioun vum Fong an deene leschte Joren eng Réi wichteg Mesurë geholl. Et gouf zum Beispill eng Lëscht agefouert op déi Firmae kommen, déi sech net un international Konventiounen halen, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet. Den Investitiounsperimeter vum Fong gëtt permanent vun enger spezialiséierter Entreprise iwwerwaacht, déi Verstéiss analyséiert an, falls néideg, proposéiert eng Firma op déi Lëscht ze setzen.

Och huet de Pensiounsfong sougenannt Environment, Social and Governance (ESG) Critèren agefouert déi musse respektéiert ginn. No der Testphas, déi zënter e puer Jore leeft, gëtt den ESG-Prinzip elo op déi aktiv verwalt Investissementer erweidert. Konkret bedeit dëst datt bei den Ausschreiwungen d'Gestionnairë mussen explizit noweisen datt si an hirer Investitiounsstrategie an Decisiounen eng Approche mat den entspriechend Critèren hunn, déi eng nohalteg a sozial verantwortlech Entwécklung promovéiert.

Eng méi nohalteg Entwécklung muss och aktiv gefördert ginn. Dofir wäert och de Pensiounsfong cibléiert an nohalteg Projeten investéieren. Fir dat Zill ëmzesetzen, gëtt e spezifesche Kompartiment geschaf, wou Investissementer gemaach ginn, déi e positiven Impakt op Mënsch an Ëmwelt hunn.

Doriwwer eraus analyséiert de Pensiounsfong zousätzlech Pistë fir e gréissere positiven Impakt duerch eng nohalteg an sozial verantwortlech Politik ze hunn.

Den intergenerationelle Fonds Souverain ass och am Gaang Pisten ze préiwen, fir mëttel- a laangfristeg nohalteg a sozial verantwortlech Critèren an seng Investitiounspolitik ze integréieren. D'Pisten déi verdéift ginn, sollen dem verhältnisméisseg klengen Ëmfang vum Fong Rechnung droen.

Wat de Paräisser Accord an d'Agenda 2030 ubelaangt, wou d'Regierung sech engagéiert huet déi néideg Mesuren ëmzesetze fir d'Ziler ze erreechen, si Gespréicher tëschent den

Institutiounen a Ministère am Gaange fir déi Accorden op all Niveauen ëmzesetzen. Dëst kann awer nëmmen duerch eng global Strategie, ewéi och duerch eng koordinéiert Approche, gemaach ginn.

Léif Vertrieder vun der Plattform Votum Klima, Dir gesitt datt ons Institutiounen dëst Joer Asaz gewisen hunn. Et ass villes gemaach, mee nach net alles erreecht ginn. Mir wäerten eis weiderhi fir eng inklusiv Gesellschaft an eng nohalteg Entwécklung asetzen, fir datt déi nächste Generatiounen eng Zukunft kënnen hunn, op déi si sech freeë kënnen.

An dësem Sënn ziele mir weiderhin op Ären Asaz.

Pierre Gramegna
Finanzminister

Romain Schneider
Minister fir sozial Sécherheet